



Luxembourg, le 6 juillet 2021

Monsieur le Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Concerne : question parlementaire n° 4383 de Monsieur le Député Fred Keup

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire posée par l'honorable Député Fred Keup.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4383 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup

Ad 1)

Am neie Fach *Digital Sciences* gëtt an den dräi Landessproochen enseignéiert. D'Texter, déi genotzt ginn, wäerten och an däitscher, franséischer oder och lëtzebuergescher Sprooch virleien. D'Sujete stinn hei am Vierdergrond an net d'Sproochkompetenze vum Schüler. Den Enseignant ass fräi ze entscheeden, jee no Situatioun, Klass a Sujet, wéi eng Sprooch sech jeeeweils am beschten eegent, fir de Schüler e Sujet méi no ze bréngen.

Donieft wäert am Fach och e Glossaire mat engleschen Ausdréck entstoen, well Englesch weltwäit d'Sprooch vun der Digitaliséierung ass.

Ad 2)

Den Enseignant ass fräi ze entscheeden, opgrond vun de Sproochkompetenze vun de Schülerinnen a Schüler, jeeeweils déi Sprooch ze benotzen, déi am beschten dozou bäidréit, datt de Sujet vun de Schülerinnen a Schüler beschtméiglech verstane ka ginn. D'Unterrechtmaterialien, déi vum SCRIPT zesumme mat Enseignanten aus de Schoulen ausgeschafft goufen, wäerten och dräisproocheg sinn. Esou soll séchergestallt ginn, datt de Facteur Sprooch keen Hindernis duerstellt beim Verstoe vum Cours.

Ad 3)

De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend ka sech duerchaus eng Approche virstellen, wou e flexibelen Ëmgang mat der Langue véhiculaire gefleegt gëtt. Am Fach *Digital Sciences* wéi och am Fach *Vie et Société* ginn heizou wäertvoll Erfarunge gesammelt. Et ass awer am Moment net geplangt, dës Approche op aner Fächer auszedeeenen.

Ad 4)

De System vun de sougenannte Langues véhiculaires ass e System, dee sech bewäert huet. Allerdéngs ass et wichteg, d'Unterrechtmethoden, déi didaktesch Materialien an d'Evaluatiounsmethode permanent weiderzeentwécklen an un d'Realitäten um Terrain unzepassen.

D'Entscheidung, fir am neie Fach *Digital Sciences* flexibel mat der Unterrechtssprooch ëmzegoen, ass dann och net esou ze interpretéieren, datt doduerch de System vun de Langues véhiculaires an anere Fächer a Fro gestallt géif ginn.